17.01.2025

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**
**Chambre des Députés**

ADRenalin

**Oppene Bréif un de Chamberspresident:**
**Aluedung un den Elon Musk fir d’Chamber ze adresséieren.**

*Här President,*

Digitalisatioun a Kommunikatioun si wichteg Pilieren, fir Lëtzebuerg als kompetitiven an attraktive Standuert ze garantéieren. Et ass wichteg eise Marché breet opzestellen an ze diversifizéieren, fir eist Potenzial sou gutt ewéi méiglech auszenotzen. Nëmme sou kënne mir Lëtzebuerg fir déi zukünfteg Generatiounen op eng nohalteg Aart a Weis gestalten. Dofir ass et och wichteg, eis fundamental pro-demokratesch Wäerter ze stäerken an déi weiderhin ze fërderen. An deem Zesummenhang géife mir et begréissen, fir den Elon Musk an d'Chamber anzelueden. Den Här Musk huet net just am Beräich vun der Finanztechnologie a vun der Satellittenindustrie innovativ Fortschrëtter geleescht, mee och a virun allem duerch säin Engagement op der Plattform X pro-demokratesch a konstruktiv Beméiunge gewisen, déi fir Lëtzebuerg relevant an interessant kéinte sinn.

E konstruktiven Austausch mam Elon Musk géif d'Méiglechkeet bidden, wichteg Aspekter vun der Meenungsfräiheet an eiser Gesellschaft ze reflektéieren an ze stäerken. Virun allem géif dësen Dialog eis pro-demokratesch Wäerter op enger internationaler Bün positiv ënnerstëtzen.